



këmmere, déi mir jo net hei wollten hunn. An elo ginn dës Leit an der Türkei festgehalten, an engem Land, dat an deene leschte Joren derfir bekannt ginn ass, dat reliéis a politesch Meenungen ënnerdréckt ginn, e Land, an deem reliéis a sexuell Fräiheeten net méi wierklech toleréiert ginn.

Mir hunn haut schonn iwwert d'Türkei geschwat, duerfir loossen ech et domadder gutt sinn.

Här President, dëse Pak wäert relativ séier Konsequenzen op d'EU-Baussegrenzen hunn. Deen neie „pre-entry screening“, vun deem ech nach net konnt schwätzen, well d'Zäit awer relativ knapp bemoozt ass fir dëst komplett Thema, soll nach dëst Joer an enger Direktiv oder an engem Reglement ëmgesat ginn. En Antimigranteschmuggelplang ass fir d'nächst Joer virgesinn.

Am Fazit kann ee soen, datt d'EU-Kommissioun sech dëse Pakt hätt kënnen spueren, wann d'EU endlech géif unerkennen, datt kee Mënsch illegal ass. En ass e Schrëtt an déi komplett falsch Richtung a wäert weeder zu enger Entlaaschtung vun de südliche Memberstaaten duerch eng Kooperatioun um Niveau vun der Verdeelung vun de Flüchtlinge féieren, nach derfir suergen, datt dës Leit endlech an Europa esou behandelt ginn, wéi se sollten: wéi Mënschen!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn. Här Asselborn, et ass un ech.

#### *Prise de position du Gouvernement*

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Merci, Här President. Ech versiche virunzemaachen. Also, ech hunn dem Här Wiseler natierlech ganz opmierksam nogelasschert, awer och der Madamm Stéphanie Empain. An ech muss soen, ech schwanken tëscht deenen zwou Positiounen.

Ech hunn natierlech eng Positioun ze hunn am Conseil, déi éischter positiv ass. Mee dat, wat d'Stéphanie Empain gesot huet iwwert d'Resultat vun deem, wat elo virläit, an ech wëll der Kommissioun do kee Reproche maachen, do si mir op engem anere Wee, wéi mer 2016 waren.

2016 louch eng Propositoun do, dass géif e Plang opgestallt ginn opgrond vun der Awunnerzuel, vum PIB, wat all Land misst maachen oder wivill Mënschen all Land misst ophuelen, wann an engem Land vun der Europäescher Unioun eng Kris wier. Dat geet awer nëmme, dee System vun de Quoten, wa mer dat realiséiert hätten. An dat ass tabu fir méi wéi d'Hallschent vun de Länner an der Europäescher Unioun, ech géif souguer soen dräi Véierel vun de Länner. An alleguerten déi, déi soen, si wëlte keng obligatoresch „relocation“, déi wëllen natierlech och keng Quoten. Also muss mer eis eng aner afale loossen, wa mer net wëllen - wat jo och de Claude Wiseler als Konkusioun gesot huet -, dass mer ni eng europäesch Migratiounspolitik kréien an ëmmer nëmme esou widerwuschtele, wéi dat elo de Fall ass.

Ech ginn hei net an d'Detailer. Ech kann dat net. Ech wëll lech just soen zur Prozedur, dass mer eng Kéier driwwer geschwat hunn, dass den 13. November déi nächst Reunioun ass, an dann ass et ënner portugisescher Presidence, dovunner gëtt elo scho geschwat, wou dat do soll weidergoen. A selbstverständlech sinn ech bereet, allkéiers wann ech gesinn, dass e Fortschritt ass oder dass et blockéiert ass, an d'Kommissioun ze kommen an lech doriwwer Opschloss ze ginn, wou mer stinn.

Ech wëll awer vläicht och direkt soen, Här Kartheiser, wann Der do schwätzt vun: „Wat packt Europa?“, also et gëtt en onheemlechen Ënnerschied tëscht deem, wat 2015 war, an deem, wat haut ass. 2015 hunn 1,82 Milliounen Leit un eis Dier geklappt. Am leschte Joer, 2019, waren et der nach 142.000. Dir kënnt lech alleguerten erënneren un den Här Seehofer aus Bayern, deen ëmmer vun der „Obergrenze“ geschwat huet, vun 200.000 fir Däitschland. Mir sinn elo lagement, lagement do ënnendrenner, soudass een, mengen ech, och no bausse net däreft soen, dass mer an enger Zäit géife liewen, wou mer kéinten iwwerschwemmt ginn. De Problem ass net d'Migratioun, de Problem ass d'Gestioun vun der Migratioun! An déi kréie mer absolutt net hin.

Bon, wéi gesot, ech ginn net an d'Detailer, ech kann dat net. Ech ka just soen, wat am Pak steet, an dat huet de Claude Wiseler gemaach, dat hunn och anerer un ech gemaach. Ech wëll vläicht just soen zu deem, wat den Här Sven Clement gesot huet: Also, hei geet et net ëm d'Leit alleguerten, déi sech hei presentéieren, dat si jo net lauter Leit, déi ënnert d'Genfer Konventioun falen. Ech schwätze vun deenen, déi kommen - och hei zu Lëtzebuerg gëtt et jo Leit, déi kommen - an déi net ënnert d'Genfer Konventioun falen, déi also de Statut net kréien, well se deen administrativ net kréien, mee och um Geriicht net zougesprach kréien.

Ech widderhuelen dat nach eng Kéier: Déi Leit, déi hei debutéiert sinn, déi si vum Geriicht debutéiert

ert, vun enger Cour debutéiert, wou zwou Instanzen sinn. Also ech mengen, ech hunn héieren, muer wier eng Manifestatioun vun Leit, déi debutéiert sinn hei zu Lëtzebuerg. Bon, déi sinn nach net heemgeschéckt ginn, dat ass jo nach eppes anescht, debutéiert an heemgeschéckt ginn, dat ass eppes anescht nach. An op där anerer Manéier ass et muer - dat gëtt och fir mech e weineg eppes -, wou mer 14 Leit aus dem Niger hei empfänken, déi kommen iwwer Paräis. An dat si Leit, déi a Libye waren an déi vu Libyen an den Niger komm sinn an do de Statut hunn. Déi kommen heihinner an déi hunn de Statut vun Refugié. Dat ass also vum UNHCR alles matkontrolléiert. Dat si regulär Leit, déi de Statut hunn an déi dann hei zu Lëtzebuerg ukommen.

Och dat gëtt et, an domadder si mer dauernd konfrontéiert, dass Leit aus Afrika, virun allem Leit aus dem Maghreb, de Statut net kréien, a wann een de Statut net huet - dat ass awer an all Land esou vun der Welt -, dann ass een illegal do an da muss een zrëckgoen. Et gëtt keng Flüchtlingpolitik, wou ee ka soen, dass jiddwereen, deen d'Demande stellt, och als Flüchtling - ech schwätze vu Flüchtling! - ugeholl gëtt.

Do gëtt et Nuancen, et ginn humanitär Statuten, mee mir dierfen do net alles duerchenanergeheien, dass jiddereen, deen hei fret, dass deen och dann de Statut kritt. An et gëtt ee vun deene Krittären, do steet dra fir déi „procédure à la frontière“. Dat sinn eebe Leit, déi aus Länner kommen, wou manner wéi 20 % vun de Leit unerkannt ginn. An dat ass eng vun deene Klauselen, déi dragesat ginn ass.

Ech hu grouss Angscht - ech hunn näischt géint déi „procédure accélérée“, dat huet den Här Yves Cruchten och gesot, do hunn ech absolutt näischt dergéint -, ech fäerte just eent: dass mer nei Rise-campe kréien op de Grenzen, an net nëmme an Italien oder a Griicheland. Dir gesitt, wat a Spuenie lass ass: Gran Canaria, wou zu Arguineguín - wat ech e weineg kennen duerch de Vëlo - elo an deem klengen Hafen Honnerten, souguer geschwënn Dausende vu Leit mat de Schëffer aus Afrika komm sinn an op Gran Canaria ukommen.

Also, ech fäerten, dass hei keen Zuch drakënnt ouni déi effektiv Solidaritéit - an dat ass de Schlëssel vun allem -, an duerfir erlaabt mer, dass ech mech do awer muss asetze mat Wierder, déi verstane ginn: Et geet net, dass Länner sech fräikafen! Et geet och net, dass Länner nëmme just soen: „Mir schécken elo Polizisten“, oder, ech weess net, „Leit, fir d'Grenzen ze iwwerwaachen.“ Et muss Länner ginn en fin de compte, an net nëmme eng hallef Dosen, well soss geet et net, déi och „relocation“ maachen.

Déi Geschicht do mat deem „parrainage“ - esou heescht dat: „parrainage“ -, fir Leit zrëckzeféieren, déi ass vläicht gutt geduecht. Mee Dir musst lech virstellen, och do ass eng Klausel derbäi, déi ech och absolutt verstinn: Wann déi Leit net zrëckgeschéckt kënnen ginn no siwe Méint, da si se an deem Land, wat sech engagéiert huet fir de Parrainage. Mee dat ass esou en Hin an Hier vu Leit, an ech mengen, et gëtt keng - an ech soen et nach eng Kéier -, et gëtt keng Flüchtlingpolitik ouni Retouren, an dat muss europäesch orchestréiert ginn.

Allerdéngs, ech soen lech dat och, well ech dat jo och selwer hei materliwen: Retour sinn nëmme ze organiséieren, wann dat Land, wou d'Retoure hikommen, och eng Landegeneemegung fir de Fliger gëtt! Wa se keng Landegeneemegung fir de Fliger ginn, da geet näischt. An dat ass am europäesche Sënn esou an et ass um Lëtzeburger Niveau esou. An an de Maghreb-Länner, a ville Länner aus dem Norde vun Afrika, do sinn dat immens Problemer.

Bon, also loosse mer d'Hoffnung net opginn, dass et eng Diskussioun gëtt. An där éischter Reunioun, déi mer haten, dat war elo virun enger Woch - déi gëtt jo elo presidéiert vun Här Seehofer -, géif ech soen, dass zwee Drëttel vun de Länner emol gesot hunn, si wiere bereet, doriwwer ze diskutéieren. Bon, een Drëttel allerdéngs huet vu virera gesot, aus Ursaachen, déi dann hinnen eege sinn, dass si guer net kéinten domadder d'accord sinn, dass eeben déi Solidaritéit iwwerhaapt do besteet.

Mäi Punkt war, well ech gesinn, dass do kann e Risiko entstoen an dass d'Leit net fortkommen, dass fir d'Kommissioun muss eng Klausel agesat ginn, dass, wann et net geet mat deem System do - dass eng obligatoresch Klausel dran ass -, dass da muss relokaliséiert ginn, well soss komme mer heimadder kee Schrëtt virun.

Ech sinn och d'accord mat all deenen, déi soen: „Pull effect“, dat kann ee fir alles sou nennen.“ Wann een de „pull effect“ eropschrauft, dann däreft ee kee méi ophuelen, well da mengt ee jo, dass déi Leit, déi opgeholl ginn, dann den Telefon huelen an aneren an hirem Land telefonéieren: „Hei komm, hei geet et awer!“ Esou einfach ass et net.

Et si Mënschen, a virun allem: Wann Der déi Chance hutt - Dir hutt se vläicht net, ech hu se -, Familljen ze gesinn, déi vu Mória kommen, oder Leit ze gesinn, déi vu Mória kommen, a mir hunn dëst Joer

125 Leit aus Griicheland zu Lëtzebuerg opgeholl, a wann een e weineg d'Geleeënheet huet, fir mat deene kënnen ze schwätzen, natierlech iwwersat, well déi meescht schwätze Farsi, well et Afghane sinn, da gesäit een de Wäerdegang, deen déi Leit matgemaach hunn. An ech mengen, dat muss mer fäerdegkréien.

Ech wëll, wat och de Gusty Graas gemaach huet, soen, dass et wichteg ass, d'Gemengen nach eng Kéier ze encouragéieren vun hei. Ech gesinn den Aly hei sëtzen, den Aly Kaes vun der Gemeng vun Tandel, wou mer dat zesumme besicht hunn. Ech gesinn de Claude Haagen vun Dikrech, ech gesinn d'Simone Asselborn vu Suessem, den Dan Biancalana vun Diddeleng, selbstverständlech d'Madamm Beissel an och d'Madamm Polfer vun der Stad Lëtzebuerg, de Georges Mischo vun Esch.

Ech hoffen, dass ech elo kee vergiess hunn, mee alleguerten deene muss ech e grouse Merci soen, dass se sech effektiv asetzen dofir, esou wéi de Beetebuerger Schaffen, de Gusty Graas, dat och hei gesot huet. An zu Käerjeng mécht de Michel Wolter och elo eppes an hirer Gemeng, wat mer schonn hätte kënnen opmaachen, wa mer net elo vum Covid beträff wieren.

Also, mir müssen et fäerdegbréngen, nach méi Gemengen derzou ze kréien. Allerdéngs muss ech lech och soen, dass et nach vläicht méi wichteg ass, dass mer Wunnenge kréie fir déi Leit, déi de Statut hunn, well mir hu keen Zuch méi aus de Foyeren eraus. Duerch de Covid ass dat elo nach vill méi schlëmm ginn. Mir hate soss eng Moyenne vun 1.000 Leit, déi am Joer d'Strukture konnte verloossen, a mir hanken elo bei 100. Also, mir hu keng Plaz méi an duerfir brauche mer der och nach. An duerfir den Appell, wat Dir och richtig gemaach hutt, Här Graas, fir dass mer do weiderkommen.

Ech wéilt och nach korrekterweis dem Här Wagner soen: Also, et ass net d'Madamm Cahen, déi zoustänneg ass fir d'Strukturen. Dat si leider ech och elo, a mir ginn eis all Méi, a wann Der eppes do ze mellen hutt, da musst Der mir dat soen, net hir. Ech mengen, ech wëll si do verschounen. Mir hu jo elo den ONA - dat ass jo e Gesetz, dat Dir hei gestëmmt hutt -, den Office national de l'accueil, wou 130 oder 140 Leit schaffen, déi sech ganz vill Méi ginn. An ech weess, dass et Plaze gëtt, wou déi eng besser versuergt si wéi déi aner, mee ech soen: Chapeau fir déi Buergermeeschteren, déi heibanne sinn, an och déi, déi vläicht net heibanne sinn, fir déi Hëllef, déi se eis ginn!

Bon, domadder géif ech mengen, dass ech genuch geschwat hunn. Merci villmools.

#### *(Hilarité)*

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Ausseminister Jean Asselborn. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

### 7. 7476 - Projet de loi portant approbation

**1° de l'Accord relatif au transport aérien entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Burkina Faso, fait à Luxembourg, le 4 mai 2018 ;**

**2° de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République orientale de l'Uruguay, fait à New York, le 24 septembre 2018 ;**

**3° de l'“Agreement between the Government of the Grand Duchy of Luxembourg and the Government of the Democratic Socialist Republic of Sri Lanka on air services”, fait à New York, le 25 septembre 2018 ;**

**4° de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République fédérative du Brésil relatif à des services aériens, fait à Brasilia, le 22 novembre 2018**

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi 7476, enger Rei Accorden am Aviationsberäich. An ech ginn direkt dem Rapporteur vun dësem Projet de loi d'Wuert, dem honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile***

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. No engem laangen Dag probéieren ech - et geléngt mer net ëmmer -, fir esou séier wéi méiglech duerch véier Loftfaartaccorden ze goen, well dorëm geet et beim Projet de loi 7476, Accorde mam Burkina Faso, mat Uruguay, Sri Lanka a Brasilien, déi alleguer am Laf vun 2018 ënnerschriwwen goufen, ze approvéieren.

Dass Fligere Passagéier a Wueren duerch d'Welt transportéieren, ass zu enger Normalitéit ginn, déi een opgrond vum Klimawandel deelweis iwwerdenke muss. Doriwwer eraus hu mer awer grad elo an der Covidzäit gesinn, wéi wäertvoll eng Cargolux war, fir eis an dëser Krisensituatioun mat wichtigem Material ze versuergen.

Den Transport duerch d'Loft an d'Services aériens sinn op internationalem Niveau reglementéiert. D'Konventioun zur internationaler Zivilluftfahrt, déi

1944 zu Chicago adoptéiert gouf, beseet, dass d'Parteien vun der Konventioun unerkennen, dass all Staat déi komplett an exklusiv Souveränitéit vum Loftraum iwwer sengem Territoire huet.

Am Artikel 6 seet se weider, dass ee keng reegelméisseg international Services aériens iwwer oder um Territoire vun engem Staat exploitéieren kann, ausser wann een eng speziell Autorisatioun huet oder eng aner Zort vun Autorisatioun vum betrafene Staat, déi konform ass mat de Konditiounen vun esou enger Geneemegung.

Loftfaartofkommesse liwweren also déi néideg legal Basis, fir reegelméisseg Fluchverbindungen ze lancéieren, dat vu Fluchgesellschaften aus de Länner, déi den Accord ofschléissen. Dës Accorden definéieren d'Totalitéit vun de Konditiounen, ënnert deenen dës Fluchgesellschaften operéieren kënnen a schafen esou eng juristesche Sécherheet an e gefestegte Kader fir esou Servicer.

Am Kader vun der europäescher Liberalisatioun vum Lofttransport koum der EU eng wichteg Roll an dësem Domän zou. Esou huet d'EU dann och eng ganz Rëtsch vun Accorden an deem Kontext negociéiert, ee Beispill ass dee mam Maroc, deen den 19. Mäerz 2018 a Kraaft getrueden ass.

Mee dës Accorde vun der EU mat Drëttpartner stëmme sech net ëmmer mat de spezifische Besoine vun den eenzelne Memberstaaten of. Dat heescht also, dass mer och weiderhin op bilateraler Basis Accorden negociéieren müssen a kënnen, fir de Besoine vun den nationale Fluchgesellschaften méi gerecht ze ginn.

Lëtzebuerg huet respektiv ass zum Beispill amgaangen, mat all de Länner vun der Westafrikanescher Wirtschafts- a Währungsunion - Benin, Burkina Faso, Elfenbeinküst, Guinea-Bissau, Mali, Niger, Senegal an Togo -, also och mat enger Rei vun eise privilegiéierte Partner an der Kooperatioun, bilateral Accorden ze negociéieren, fir besser Konditiounen ze erreechen.

Déi, déi mer haut virleien hunn, sinn elo net déi éischt Accorde vun dësem Typ, déi mer an der Chamber approvéieren. Effektiv gëtt et eng Kontinuitéit an den Efforte vun der Lëtzeburger Regierung a Saache Lofttransport, fir engersäits virun allem der Cargolux ze erlaben, hire Choix un Destinatiounen ze vergrësseren, hir d'Méiglechkeet ze ginn, nei Routen ze exploitéieren, andeems een hir e Maximum vun Droits de trafic verschaaft. Anerersäits erméigleche se et och, Lëtzebuerg als international Plattform fir de Verkéier vu Passagéier a Wueren ze verstärken.

Um Fong ännle sech déi véier Accorden, déi mer elo virleien hunn, a baséieren um Modell vum Accord type vun der Organisation de l'aviation civile, ofgekierzt OACI. Et ginn elo Ënnerscheeder an der Redaktioun, well déi verschidde Partner aner Wënsch hunn, ouni dass dat eppes um Fong ännert.

E puer Haaptelementer vun den Accorden: d'Designatioun vun de respektive Fluchgesellschaften, d'Méiglechkeet, eng Autorisatioun ze limitéieren oder ewechzehuelen, wann eng Fluchgesellschaft sech net un d'Konditiounen vum Accord oder un d'Gesetzer an d'Reglementer vun anere Land hält, d'Prozedur, fir Tariffer ze etabléieren oder och nach eng Prozedur zum Reglement vu Meinungsverschiedenheeten oder Sträitfäll.

D'Accorde gesinn och d'Méiglechkeet vir, d'Ofkommessen ze amendéieren oder ze kënnegen, a gesinn d'Opstelle vu Statistiken zum Loftverkéier vir. All Accord huet och eng Annex, wou déi klassesch Routen tëschent Lëtzebuerg an dem Territoire vun respektive Partnerland mat der Méiglechkeet vun Tëschestoppen oder Eskallen an Drëttlänner definéiert ginn. Méi Detailer dozou fannt Der am geschriwwene Rapport.

Wou et gewëssen Differenze gëtt tëschent deene verschiddenen Accorden, ass um Niveau vun de „libertés de l'air“. Dat sinn der insgesamt aacht, déi sech d'Vertragspartner géigesäiteg accordéieren. Dës Fräiheeten, déi am Kader vun der Chicago-Konferenz 1944 etabléiert goufen, representéieren eng Rei vu Rechter a Privileegien, déi de kommerzielle Lofttransport regléieren an den Accès zu de Marchéen an internationale Servicer zwëscht deenen zwee oder méi Länner reglementéieren.

Dës Libertéite gewären zum Beispill d'Iwwerfluchrecht, dat ass déi éischt Fräiheet, d'Recht, fir aus net kommerzielle Grënn ze landen, d'Recht, Passagéier a Wueren um Territoire vun engem anere Staat opzehuelen oder ze débarquéieren. Déi wichtigst Fräiheet ass awer déi, fir net nëmme an engem Land ze landen, mee och dat Land eventuell als Zwëschestopp zu aneren Destinatiounen ze gebrauchen.

Mat Brasilie sinn déi fënnf Fräiheeten insgesamt ausgehandelt ginn, mam Burkina Faso sinn et der véier, déi fënnf ass an der Verhandlung, mat Sri Lanka sinn et fënnf Libertéiten a mat Uruguay sinn et der insgesamt aacht.

Wann een elo op d'Relatiounen zu deenen eenzelne Länner ageet: Mat Brasilie verbënnt eis eng laang





Relatioun, déi um kommerzielle Plang och ganz interessant fir Lëtzebuerg war.

Ech wëll hei als Rapportier mech net derzou äusseren, wéi ech zu der aktueller politescher Situatioun a Brasilie stinn. Mee ech brauch dat net, Dir wësst, wat ech domat mengen. Brasilie bleift e wichtege Handelspartner. Burkina Faso ass e laangjäregt Partnerland an eiser Entwécklungszesummenaarbecht. Mam Sri Lanka sinn déi Bezéiunge vill méi rezent, e Land, wat duerch ganz schwéier Zäite gaangen ass duerch de Biergerkrich, deem seng politesch Situatioun fragill bleift, mee wou een awer och ka matupaken, fir dat Land ze stabiliséieren, andeems een eng seriö Zesummenaarbecht mat deem Land mécht. Dat ass och de Sënn vun dësem Accord.

Den Accord mat Uruguay baséiert op enger Absichtserklärung vun 2013. Uruguay huet d'Ambitioun, sech als Porte d'accès zum südamerikanesche Maart ze positionéieren. Duerfir kann dësen Accord och interessant Méiglechkeete bidden, virun allem a Saache Wuerentransport.

Zum Schluss wëll ech kuerz op d'Aarbecht vun der Kommissioun agoen. Den 18. November 2019 hu mer de Projet eng éischte Kéier analyséiert. Den Avis vum Conseil d'État ass den 11. Februar komm. En hat keng weesentlech Problemer gesinn. De Conseil d'État huet allerdéngs eng Rei vu Propose gemaach, wou d'Regierung sech och verpflichtet huet, fir sech an Zukunft dorun ze halen. D'Chambre de Commerce hat hiren Avis schonn de 16. Oktober publizéiert an de Projet de loi approuvéiert. Den 28. September hu mer dës Avisen an der Kommissioun analyséiert an de Rapport ugehall.

An heimat ginn ech, Här President, och den Accord vun der LSAP-Fraktioun a bieten Iech, déi véier Accorde guttzeheeschen. A wann ech Iech elo nach Merci soen, Här President, an Iech alleguer Merci soen, dass Der mer nogelauschert hutt, hunn ech fir eng Kéier genee eng Punktlandung gemaach. Merci.

**(Hilarité)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci, Här Di Bartolomeo, fir d'Punktlandung. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen.

**Discussion générale**

■ **M. Claude Wiseler (CSV).-** Also, Här Di Bartolomeo, ech fannen et net anormal, datt, wa mer iwwer Accords aériens schwätzen, Der och eng Punktlandung maacht. Esou gehéiert dat sech an dësem Kontext.

**(Hilarité)**

Ech mengen, Dir hutt dat Ganzt relativ gutt beschriwwen an enger Matière, déi fir Iech méi friem ass. Ech hu se alt soss och kannt. An ech wëll just soen, datt ech der Meenung sinn, datt déi Accords aériens, déi awer ganz divers hei si mat verschiddene Länner vun dem asiateschen, afrikaneschen, südamerikanesche Kontinent, am Fong jo haaptsächlech Accorde sinn, déi mir maache fir d'Cargolux a fir am Fong eise Logistiksecteur ze developéieren. An do gesäit een och e wéineg, wéi déi eenzel Direktiounen vun der Cargolux sech da gestalten.

Woubäi ech muss soen, datt ech relativ frou sinn haaptsächlech iwwert déi Méiglechkeet, déi a Südamerika momentan entsteet. Dir wësst, datt d'Cargolux haaptsächlech elo ganz vill an deene leschte Joren och eng Konzentratioun op China hat, well e chineeseschen Aktionär bei der Cargolux ass. An dat hei ass och am Fong e Marché, dee se deelweis scho probéiert huet ze kréien a wou se elo méi Méiglechkeete kritt, well ech mengen, datt de südamerikanesche Marché fir Europa interessant ass an datt et wichteg ass, datt eng Firma wéi d'Cargolux sech als ee vun de groussen Hubben och fir Südamerika doch hinnerstellt, soudatt ech dat hei scho positiv fannen.

Ech sinn e wéineg erstaunt, datt mer bei Uruguay déi aacht Fräiheeten do kréien, wat am Fong net klasesch an normal ass. Mee tant mieux, wann dat esou ass. Et ass en extreem liberalen Accord, zumindest mat deem Land, dee sech do stellt. A vu datt et haaptsächlech elo och an eiselem Advantage ass, fir dat do ze maachen, ass et fir mech evident, datt d'CSV-Fraktioun den Text hei wäert matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools, Här Wiseler. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).-** Merci, Här President. Wann et ee Sektuer an der Ekonomik gëtt, dee jo déi lescht Wochen a Méint besonnesch gelidden huet, dann ass et d'Lofffaart. Wann een déi lescht Zuele vun der Luxair kuckt an och hir Absicht, fir mussen e Sozialplang opstellen, da muss ee sech natierlech gewësse Froe stellen. Et ass awer ze erklären, et ass och verständlech, datt et zu deene Problemer um Niveau vun der Lofffaart kouw.

Op där anerer Säit ass et awer esou, datt mer och gesinn hunn, datt d'Cargolux, contrairement zur

Luxair vläicht an deene leschte Méint, awer éischer „profitéiert“ - ënner Gänseféisercher - vun der Situatioun a mir als Lëtzebuerg jo och gemierkt hunn, wéi wichteg datt et ass, wann een eng grouss Air-cargo huet.

Haut ënnerschreiw mer oder hale mer véier Ofkommesse gutt mat verschiddene Länner, wat a priori selbstverständlech op d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei fält, well dat och der Cargolux et erméiglecht, hire Wierkungsraum nach auszebauen, nei Méiglechkeete gëtt, an dat ass och gutt fir d'Lëtzeburger Economie.

De Rapportier, de Mars Di Bartolomeo, deem ech Merci soe fir seng verschidde Rapporten, huet sech och ganz diplomatesch hei ausgedréckt. En huet eng gewësse Retenue gewisen, mee et huet een em awer ofgesinn, wat en awer am Fong geholl geduecht huet, wéi en un eenzel Länner appelléiert huet. An da kann ech mer e bëssen d'Fräiheet eraushuelen als „Netrapporteur“, vläicht awer dat een oder dat aner Land e bësse méi kritesch ze gesinn. Ech mengen, och dat soll een awer trotz allem maachen, wann ee mat esou Länner Ofkommesse mécht.

An ech kommen do fir d'éischt op Brasilien ze schwätzen. Et dierf een awer net vergiessen, datt, zënter den Här Bolsonaro do ass, jo awer verschiddene Aktivitéiten do virginn, besonnesch wat de Reebesch ubelaangt, déi een net kann akzeptéieren esou.

Ech mengen, Brasilien huet, wat de Schutz vun Reebesch ubelaangt, net nëmmen eng national Verpflichtung, mee och eng international Verpflichtung. Jiddweree weess u sech, wat fir e wichteg Rôle de Reebesch ze spillen huet. An am leschten August zum Beispill si bal 1.400 Quadratkilometer ëmgeholt ginn. Dat ass also méi wéi d'Hallschent vun eiselem Land, dat ass net déi klengste Fläch! A wann dat an där Rasanz virugeet, da wësse mer jo, wat dat alles vu Bedeitung ka mat sech bréngen.

Dowéinst fannen ech, wann een och iwwer esou wichteg Accorde schwätzt, datt een awer och net soll zécken, iwwert dee Wee och op Schwaachstellen hinweisen. An ech mengen, déi ekonomesch Relatiounen, déi ee mat esou Länner fleegt, kënnen jo och genotzt ginn, fir awer déi Messagë virunze-ginn. Dat géllt iwwerens och fir zwee aner Länner, Burkina Faso, iwwert dat mer d'nächst Woch wäerte vläicht méi am Detail hei kënnen schwätzen, a virun allem och Sri Lanka, Sri Lanka, wat aus engem fierchterleche Biergerkrich erauskënnt, mee wou mer wëssen, datt d'politisch Situatioun nach ëmmer ganz fragill ass.

Onofhängeg vun deene puer Remarken do ass de Gesetzesprojet mat deene véier Accorden awer ze begreissen an ech ginn deemtspreichend dann awer och d'Zoustëmmung vun der DP.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools, Här Graas. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Stéphanie Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).-** Jo, villmools merci, Här President. Bon, mir bleift elo net méi allze vill ze soen. Ech géif dem Rapportier natierlech Merci soe fir säin detailléierte Rapport, och de schréftleche Rapport, deen nach vill méi detailléiert ass, deen ech dräimol hu misse liese fir ze verstoen, wat allegueren déi Fräiheete sinn, fir mer eppes drop zesummenzereimen. Et ass e relativ komplexe System. Nichtsdestotrotz ass et wichteg, dass mer d'Fonctionnalitéiten do derhannert och verstinn an eis eng Kéier domadder ausernanersetzen.

Ech hunn natierlech och gesinn an ech erkennen dat och un, dass Dir an Ärem schréftleche Rapport awer trotzdeem och op déi politesch Situatioun an de jeeweilege Länner agaange sidd. An ech halen et do mat mengem Kolleg, dem Gusty Graas, deen hei och nach eng Kéier e Plädoyer duerfir gehalen huet, a wat ech nëmmen ënnerschreiw kann.

Wéi gesot, ech hunn deem elo weider näischt méi bäizefügen, ausser dass mer als gréng Fraktioun eisen Accord dozou ginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci, Madamm Empain. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).-** Jo, villmools merci, Här President. Ech wéilt och ufänke mat engem Merci un de Rapportier fir säi ganz engagéierten Discours, deen en hei gehalen huet. A wéi esou dacks ass beim Här Mars Di Bartolomeo och ëmmer d'Geleeënheet ginn, fir méi wäit nozedenken iwwert dat, wat e seet. An en huet eis haut déi Fro gestallt, op eng ganz geschéckt Manéier, eng ganz diskreet Manéier: „Wéi ass et da mat de Relatiounen mat Brasilien?“ En huet a sengem schréftleche Rapport dorobber opmierksam gemaach.

Mee et muss een eng Géigefro stellen: Wann dann elo deen Accord negociéiert gi wär, nodeems datt den Här Bolsonaro un d'Muecht kouw - op eng demokratesch Manéier, wëll ech ënnersträichen -, hätte mer dann deen Accord net gemaach? Déi Änt-

## Sommaire des séances publiques n°s 3 et 4

### 3<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique .....	p. 28
Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite) .....	p. 28-42
Dépôt de trois motions par M. Claude Wiseler .....	p. 42-43
Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite) .....	p. 43-46

### 4<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique .....	p. 46
Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet de la politique européenne et étrangère .....	p. 46-50
Motion de M. Claude Wiseler relative à la situation au Bélarus .....	p. 50-51
Motion de M. Claude Wiseler relative aux activités de forage illégales de la Turquie en Méditerranée orientale .....	p. 51-52
Motion de M. Claude Wiseler relative à la situation dans la région du Haut-Karabakh .....	p. 52-53
Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du nouveau pacte sur la migration et l'asile .....	p. 53-56
7476 - Projet de loi portant approbation	
1° de l'Accord relatif au transport aérien entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Burkina Faso, fait à Luxembourg, le 4 mai 2018 ;	
2° de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République orientale de l'Uruguay, fait à New York, le 24 septembre 2018 ;	
3° de l' "Agreement between the Government of the Grand Duchy of Luxembourg and the Government of the Democratic Socialist Republic of Sri Lanka on air services", fait à New York, le 25 septembre 2018 ;	
4° de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République fédérative du Brésil relatif à des services aériens, fait à Brasilia, le 22 novembre 2018 .....	p. 56-57

wert, déi ee muss ginn, déi vernünfteg Äntwert ass: Dach, mir hätten en awer ofgeschloss, well mer déi ekonomesch Perspektiv a Latäinamerika brauchen, well mer d'Cargolux wëllen entwéckelen, an den Här Graas huet och e puer Argumenter genannt. An ech wëll derbäisoen: Mir müssen oppassen, datt mer hei net an e Prozess kommen, wou mer déi politesch Präferenz vun deenen engen oder aneren iwwer gesamtwirtschaftlech Interesse stellen.

Ech ginn zwee Beispiller: D'Cargolux flitt och a Saudiarabien. Ass d'Mënschrechtssituatioun a Saudiarabie fir eis en Argument, fir vläicht dat a Fro ze stellen? Ass et net. Ass d'Baussepolitik vu Saudiarabien en Argument, fir dat ze maachen? Ass et net.

D'Cargolux flitt a China. Wéi hu mir dovun profitéiert während der Covidkris! Wat hu mer net alles aus China iwwert d'Cargolux u wichtige Gidder kritt fir eist Land. Ass awer dofir d'Politik vun der chineesescher Regierung eng, déi mir approuvéieren, d'Baussepolitik, d'Mënschrechtsproblematik, d'Verfollung vu ganze Völker a China? Ass dat jee zur Diskussioun komm an deem Kontext? Nee!

Mir hunn hei eng realpolitesch Situatioun. Mir hu se mat enger ganzer Rei Staaten. Mir hunn et och mat Brasilien, ob elo den Här Bolsonaro oder en aneren un der Regierung ass, woubäi ech den Här Bolsonaro net wëll vergläiche mat deene Länner, déi ech grad genannt hunn. Mir musse kucken, datt mer d'Ekonomie an d'ekonomesch Interesse vum Land och kënnen denken an engem méi laangfristeg Kontext, an engem Kontext vun der Interesseverriedung vu Lëtzebuerg an net vu konjunkturelle politesche Konstellatiounen, déi vläicht deem engen oder anere méi oder manner gutt gefalen. D'Covidkris huet eis gewisen, wéi wichteg et ass, en Netz vu stabillen, strateegesche Verbindungen iwwert déi ganz Welt ze hunn.

Ech soen Iech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).-** Merci, Här President. Merci och dem Rapportier. Grad bei dësem Thema besser eng Punktlandung wéi eng Crashlandung.

**(Hilarité)**

Ech wëll och ganz kuerz op déi aussepolitesch Dimensioun vun dësem Accord agoen. Et ass jo esou, datt een net duerch Isolatioun zu engem Méino-Komme kënnt. A grad wann et hei drëm geet, fir Fräiheeten ze schafen, Fräiheete vun engem Echange, Fräiheeten, déi net forcement direkt monetär ze bewäerte sinn, mee Fräiheeten, fir iwwerhaupt emol méi no ze kommen, méi no ze réckelen, mateneen an en Austausch ze geroden, dann ass dat prinzipiell ze begreissen, well duerch Isolatioun gewënnt ee keng Aussepolitik. Deemtspreichend kann ech hei nëmmen dem Ausseminister felicitéiere fir déi véier Accorden, wou grad dee mat Uruguay, dat ass scho gesot ginn, dach immens wäitreechend ass, an déi eventuell eis do och Méiglechkeete ginn, méi wäit ze goe wéi nëmmen dat, wat mer eis bis elo geduecht hunn. An ech ginn och den Accord vun de Piraten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, fir ënner anerem och dem Rapportier Merci ze soe fir d'Punktlandung.

**(Hilarité)**

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.-** Net nëmme fir déi, fir alles! Sou, ech wollt just soen, ech hunn elo grad gesot kritt, dass ech zwee vun deenen Accorde selwer ënnerschriwwen hunn, dat ass mat Uruguay a Sri Lanka. An dee mat Brasilien ass vum Carlo Krieger ënnerschriwwen ginn, eiselem Ambassadeur. Also et ass alles an der Rei. Merci villmools.

**(Hilarité et brouhaha)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools, Här Ausseminister. Dës Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7476. Den Text steet am Document parlementaire 7476<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7476 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme par vote électronique.

Ech maachen duerno den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

**Appel nominal (votes par procuration)**

Dëse Projet ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

■ **Une voix.-** Très bien!

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung vun der Chamber si viraus-siichtlech den 20. an 21. Oktober.

D'Sitzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 17.45 heures.)**